N°1422
Entrée le 25.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.10.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/10/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro N°1275 vum 2. Oktober 2024 erkläert den Aarbechtsminister, datt d'Dispositioune vum Code de procédure pénale net fir d'Inspektere vun der ITM gëllen. Amplaz géifen d'Konventiounen N°81 an N°129 vun der OIT souwéi d'ITM Kader-Gesetz appliziéiert ginn. Dës géifen den Inspekteren erlaben, all Fro un d'Employeuren an d'Salariéen ze stellen, ouni datt si mussen op hir Rechter opmierksam gemaach ginn.

D'Charte vun de Grondrechter vun der Europäescher Unioun, d'Europäesch Mënscherechtskonventioun an eis Verfassung garantéieren awer fundamental Rechter, dorënner d'Recht sech net selwer ze belaaschten. Dëst Recht gëllt prinzipiell bei all staatlecher Enquête, déi zu enger Strof féiere kann. D'ITM huet d'Kompetenz fir Sanktiounen ze verhänken an och Procès-verballen un de Parquet weiderzeleeden.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Deelt d'Madamm Minister d'Interpretatioun vum Aarbechtsminister, datt d'Konventioune vun der OIT d'Grondrechter vun de Betraffenen aschränke kënnen?

2. Wéi ass dës Approche mam Artikel 47 vun der EU-Grondrechtscharta an dem Artikel 6 vun der Europäescher Mënscherechtskonventioun vereinbar?

3. Ass d'Madamm Minister net och der Meenung, datt eng Persoun, déi vun der ITM befrot gëtt an där hir Aussoen zu enger Strof féiere kënnen, d'Recht huet, sech net selwer ze belaaschten an dëst Recht och matgedeelt kréie muss?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten